N° 6158
Reçue le 01.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 6158 vum 6. Mee 2022 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer den Impakt vun der Evolutioun vun de Benotzer vum Zuch op d'Rullmaterial souwéi d'Infrastruktur vun den CFL

1) *Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu deenen am Artikel thematiséierte Méssstänn elaboréieren?*

Déi am Artikel "Damit die Eisenbahn erheblich mehr leisten kann", deen den 3. Mee 2022 an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf, thematiséiert Méssstänn, kann ech net deelen, vu datt d'Liwwerung vun de 34 neien Duebelstäckeg-Automotricen an d'Verlängerung vun de Quaien op de Gare zukënfteg erlabe wäerten, fir Zich vun enger Längt bis 246,00 m op de Linnen anzesetzen.

2) *Kann den Här Minister matdeelen, wéi d'Zuele vun de Passagéier pro Dag bis sech an de Jore bis 2035 no den aktuelle Prognose wäert entwéckelen?*

D'CFL geet momentan vun enger Evolutioun vun der deeglecher duerchschnëttlecher Passagéierzuel vun 3% pro Joer fir d'Periode vun 2023 bis 2035 aus. Dës Prognose deckt sech mat der Hypothese, déi fir de Plan national de la mobilité 2035 a Considératioun geholl ginn ass.



3) *Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert iwwert wéi eng Längt déi eenzel Zuchquaien hei am Land aktuell verfügen, a wéi eng genee Verlängerunge bis 2035 virgesi sinn?*

Tabell déi d'Längt vun den eenzelen Zuchquaie regruppéiert:
Hei handelt et sech em déi aktuell Situatioun (Stand Mee 2022). Verschidde Gare sinn aktuell am Schantjen an dofir just mat enger reduzéierter Unzuel vu Quaien an der Tabell uginn.

Ligne N°	Etablissement	Quai N°	m
1	Luxembourg	1	186
		2	154
		3	443
		4	403
		5	377
		7	414
		8	320
		9	256
		10	320
		11	307
		12	311
		13	257
		14	259
	Pfaffenthal-Kirchberg	1	250
		2	250
	Dommeldange	1	190
		2	200
		4	170
	Walferdange	1	220
		2	209
	Heisdorf	1	170
		2	170
	Lorentzweiler	1	190
		2	190
	Lintgen	1	185
		2	185
	Mersch	1	277
		2	184
	Cruchten	1	215
		2	180
	Colmar-Berg	1	190
		2	190
	Schieren	1	180
		2	180
	Ettelbruck	3	200
		4	250
	Michelau	1	180
	Goebelsmuhle	1	180
		2	180

Ligne N°	Etablissement	Quai N°	m
1	Kautenbach	1	190
(suite)		2	205
	Wilwerwiltz	1	150
		2	190
	Drauffelt	1	200
		2	200
	Clervaux	1	190
		2	320
		3	190
	Troisvierges	1	310
		2	246
		3	183
1a	Diekirch	1	189
1b	Kautenbach	3	88
	Merkholtz	1	64
	Paradiso	1	55
	Wiltz	1	205
		2	80
3	Cents-Hamm	1	330
		2	330
	Sandweiler-Contern	1	250
		2	250
	Oetrange	4	190
		5	190
	Munsbach	1	190
		2	190
	Roodt	1	190
		2	190
	Betzdorf	1	190
		2	190
	Wecker	1	185
		2	185
		3	50
	Manternach	1	180
		2	180
	Mertert	1	199
		2	189
	Wasserbillig	2	285
		1	330
		3	285
		9	180

Ligne N°	Etablissement	Quai N°	m
4	Oetrange	1	172
5	Bertrange-Strassen	1	190
		2	190
	Mamer Lycée	1	190
		2	190
	Mamer	1	190
		2	190
	Capellen	1	180
		2	180
	Kleinbettingen	1	250
		2	250
		3	250
6	Howald	1	250
		2	250
	Berchem	2	201
		1	201
	Bettembourg	2	226
		1	227
		3	226
		5	120
6a	Bettembourg	5	220
		7	170
	Noertzange	1	198
		2	227
	Schifflange	1	249
		2	249
	Esch-Alzette	1	295
		2	310
		3	259
6b	Bettembourg	3	126
		5	120
	Dudelange-Burange	1	160
	Dudelange-Ville	1	177
	Dudelange-Centre	1	160
	Dudelange-Usines	1	160
		2	160
	Volmerange-les-Mines	1	150

Ligne N°	Etablissement	Quai N°	m
6c	Noertzange	3	95
	Kayl	1	118
	Tétange	1	118
	Rumelange	1	165
6e	Audun-le-Tiche	1	140
6f	Belval-Université	1	190
		2	190
	Belval-Lycée	1	190
		2	190
	Belval-Rédange	1	133
		2	136
	Belvaux-Soleuvre	1	180
		2	180
	Oberkorn	1	200
		2	200
	Differdange	1	190
		2	190
	Niederkorn	1	180
		2	180
	Pétange secteur Pétange	2	230
		1	230
		3	230
	Lamadelaine	1	190
		2	190
6g, 6h, 6j	Rodange	2	190
		1	190
		3	250
		4	420
		7	280
7	Luxembourg Hollerich	2	190
		1	202
	Leudelange	2	190
		1	190
	Dippach-Reckange	2	180
		1	190
	Schouweiler	2	190
		1	190
	Bascharage-Sanem	2	220
		1	220

Bis 2035 ass virgesinn, d'Quaien a folgende Garen sou ze verlängeren oder nei ze bauen, datt 246m-Zich (Automotrice mat 9 Caissen) dës Garen ufuere kënnen:

- Dummeldeng	- Ierpeldeng	- Diddeleng Usines
- Walfer	- Angelduerf	- Diddeleng Centre
- Heeschdref	- Dikrech	- Diddeleng Ville
- Lorentzweiler	- Éiter	- Diddeleng Bireng
- Miersch	- Wecker	- Keel Nord
- Schieren	- Mäertert	- Belval Universitéit
- Ettelbréck	- Waasserbëlleg	- Bieles Mairie
- Kautebaach	- Capellen	- Déifferdeng
- Klierf	- Hollerech	- Péiteng
- Ëlwen	- Beetebuerg	- Rodange
- Wooltz	- Bierchem	- Friche Esch/Schëffleng
- Lëtzebuerg	- Houwald	- Esch Uelzecht

4) *No den Informatiounen aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4760 soll d'Kapazitéit vun de Sëtzplaze bei den CFLs-Zich vun aktuell 26619 bis 2025 op 38713 klammen. Kann den Här Minister an deem Sënn preziséieren, wéi vill Sëtzplazen dës Zuelen duerchschnëttlech op de Meter agesaten Zuch entspriechen, wéi héich d'Maximallängt an d'Zuel vun de Sëtzplaze pro agesatem Zuch zu Spëtzenzäiten aktuell läit a wéi déi Zuele bis 2025 a falls verfügbar och bis 2030, respektiv 2035 sollen evaluéieren?*

Aktuell bidd d'CFL duerchschnëttlech 3,93 Sëtzplazen op de Meter pro agesaten Zuch un. Am Joer 2025, kënnen duerchschnëttlech 4,09 Sëtzplaze pro agesaten Zuch ugebuede ginn.

D'Maximallängt vun engem Zuch zu de Spëtzenstonne beleeft sech aktuell op 161,27 Meter. D'Maximalkapazitéit u Sëtzplazen, déi aktuell an engem Zuch kënnen ugebuede ginn, beleeft sech op 728.

Ab dem Joer 2025 beleeft sech d'Maximallängt vun engem Zuch zu de Spëtzezäiten dann op 246,00 Meter, fir déi Garen déi scho mat 250 m laange Quaien ekipéiert sinn. D'Maximalkapazitéit u Sëtzplazen, déi an engem Zuch kënnen ugebuede ginn, beleeft sech dann ob 1.026.

De Moment verfügt d'CFL nach iwwert keng konkret Zuele bis d'Joer 2030 respektiv 2035.

5) *Kann den Här Minister matdeelen, wéi eis Blockofstänn aktuell genee bemooss sinn, wéi vill Zousazkapazitéiten duerch eng Verréngerung potenziell kéinte fräigesat ginn a wéi vill esou eng Moossnam géif kaschten?*

Déi aktuell Blockofstänn si sou bemooss, dass d'Sécherheet vum Betrib garantéiert ass, an de Contrainten (z.B. Passages à niveau (PN), Arrêten, …)., déi et punkto Placement vun de Blocksignaler ginn, Rechnung gedroe gëtt.

Eng potenziell Verréngerung vun de Blockofstänn kéint effektiv méi oder manner Zousatzkapazitéite fräiloossen. Dës Zousaatzkapazitéite sinn awer staark ofhängeg vun der jeeweileger Infrastruktur an dem Zuchmix, deen iwwer déi verschidde Linne fiert, sou dass hei eng pauschal Ausso net ka getraff ginn.

De Käschtepunkt ze berechnen ass och pauschal net méiglech, well deen ëmmer vun där spezifescher Situatioun ofhänkt a well fir sou eng Blockverdichtung eventuell aner Projeten, wéi z.B. Suppressioune vu PNe musse virausgesat ginn.

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch